

Lëtzebuerg, den 4 August 2022

Pressecommuniqué

D'Index-Tranchë mussen nees voll ausbezuel ginn!

No de neiste Statec-Previsiounen, déi weiderhin eng héisch Inflatoun fir 2022 an 2023 virgesinn, bréngen d'Majoritéitspolitiker schonn déi nächst Index-Manipulatiounen an d'Spill. Mä esou eng Flucht no fir wäert de Problem just nach vergréisseren. Fir déi Lénk gëtt et an der aktueller Situatioun just eng vernënfteg Léisung : D'Index-Tranchë mussen nees voll ausbezuel ginn!

D'Regierung huet sech mat hirer Index-Manipulatioun zolidd verkalkuléiert. Se huet am Fréijoer drop vertraut, datt d'Inflatoun sech am Laf vum Joer géing normaliséieren ouni en alternative Plang am Tirang ze hunn. Elo gesäit de Statec nach zwou weider Index-Tranche kommen, är datt iwwerhaapt déi Tranche vum Juli 2022 am Fréijoer 2023 soll ausbezuel ginn. D'Këscht vun der Pandora, déi d'Koalitioun Ufank des Jores opgemaach huet, riskéiert elo Land a Leit zolidd an d'Laberenten ze bréngen.

Während d'Stéit vun Dag zu Dag duerch de Kafkraaftverloscht ëmmer méi ënner Drock geroden, ass d'Upassung vun de Salären a Pensiounen un d'Inflatoun bis Abrëll d'nächst Joer staark a Fro gestallt. De Steierkredit, deen d'Index-Manipuléierung géigefinanzéiert huet, rappt riseg Lächer an de Staatsbudget an déi verréckelt Index-Tranchë riskéieren sech ze kumuléieren. D'Regierungsparteie wäerte viraussichtlech probéieren sech iwwert d'Walen am Oktober 2023 ze rette fir déi waarm Gromper un déi nächst Regierung weider ze ginn. Mä och dat wäert de Problem net léisen.

Fir déi Lénk gëtt et an der aktueller Situatioun just eng vernënfteg Léisung : D'Index-Tranchë mussen nees voll ausbezuel ginn. Amplaz mat weideren Index-Manipuléierungen nach weider Kaddoen un dat ganz Patronat ze verdeelen, also och un déi Betriber déi praktesch keng Energie-Käschten hunn an déck Gewënner verbuchen, soll d'Regierung gezielten Hëllef anesetze fir déi kleng Betriber, déi tatsächlech Schwieregkeeten hunn. Déi vulnerabel Stéit mussen zousätzlech zu den ausbezuelten Index-Tranchen nach weider ënnerstëtzt ginn, an zwar mat deene Staatsmëttelen, déi soss rëm musse fir weider Steierkreditter verpolvert ginn.

Mir stellen eis op alle Fall op e waarmen Hierscht a wäerten eis och weiderhi mat ganzer Kraaft fir d'Interessi vun de Saliären a Retraitéierten asetzen an all weider Index-Manipulatioun bekämpfen.
